# Top10 N°7: De beschte Lëtzebuerger Bamkuch 2016!

Bal wéi d'Bouneschlupp, de Kuddelfleck oder de Kachkéis ass dëse Kuch e Lëtzebuerger Nationalsymbol.

*

## Eis 5 Critèren :

D'Ausgesinn, well op grousse Feieren ass de Bamkuch d'Pièce-maîtresse, do muss alles sëtzen a glënneren, a schéi brong gebak sinn, mat den dënne Réng, fir dat d'Aen grouss ginn an d'Zongen um Buedem hänken, well keen huet Loscht op en langweilegen, blatzegen Dildo!

Dann den Zockergoss, fir dat dat ganzt schéi frësch bleift a glënnert: do geet et vun knéckegem Patissier ouni Zockergoss bis zu Zocker-inferno, wou een d'Hänn bal net méi vum Kuch kritt sou pëscheg ass déi Affär.

Och d'Konsistenz am Mond wor wichteg. Mir hunn eis 19 Kucken sou dënn geschnidde wéi Pobeier mam Kichemesser, an och an deem Zoustand muss de Kuch perfekt sëtzen: hei geet et vun Stëbswollek a Grimmel-Alarm iwwer herrlech bessfest mat Charakter bis hin zu Knätschgummi deen um Gomm peche bleift.

Als wichtegste Critère hu mer de Goût geholl, an och hei huet ee gespuert wéi vill Zocker, Zitroun, Rumm oder Cognac dra wor: et goung vu papegem geschmackslosen Paangechersdeeg aus der Fabrik bis hin zu engem Dram vu kubaneschen Rumm-Nouten, liicht zitronéiert, mat feinstem Sucre de canne vereedelt a wéi vun Engelchershand am Himmel gebak.

Zu gudder läscht hu mer de Präis gekuckt, obwuel mer der Meenung woren dat ee fir déi wichteg Deeg am Liewen selte spuere wëll, ma wann et déi 3. oder 4. Hochzäit ass, kann et virkommen dat ee muss op de Frang kucken.

*

## Hei eise Ranking :

De Bäcker Hoffmann vu Bouneweg huet de beschte Bamkuch 2016 vu Lëtzebuerg (jo, och deen deen dir iesst ass zanter Generatiounen gutt, ma dësen ass am Blind-Test halt dee beschten).

| Plaz | Bäcker | €/1kg | Ausgesinn | Konsistenz | Zockergoss | Goût | Final Note |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | Hoffmann | 61,85 € | 7,5 | 8,1 | 7,5 | 7,6 | 8,01 |
| 2 | Cactus- Schnékert | 41,91 € | 8,5 | 6,5 | 5,9 | 5,7 | 7,62 |
| 3 | Peschong | 49,12 € | 6,5 | 6,7 | 6,3 | 6,3 | 7,31 |
| 4 | Grevig | 46,15 € | 5,5 | 6,3 | 6,5 | 6,0 | 7,08 |
| 5 | Gerard Cayotte | 53,02 € | 6,2 | 6,1 | 6,1 | 6,3 | 6,98 |
| 6 | Arens | 72,22 € | 6,7 | 6,5 | 6,1 | 6,1 | 6,61 |
| 7 | Fischer | 45,14 € | 5,8 | 5,9 | 5,5 | 5,4 | 6,77 |
| 8 | Mosella | 53,03 € | 7,6 | 5,5 | 5,3 | 5,3 | 6,61 |
| 9 | Oberweis | 59,79 € | 7,0 | 5,5 | 5,9 | 5,7 | 6,51 |
| 10 | Namur | 74,65 € | 7,1 | 6,1 | 6,1 | 5,7 | 6,40 |